

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 6. Abrëll 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend parlamentaresch Fro** (Art. 81) un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Leider hält d'Corona-Pandemie eist Land den Ament an Otem. Zu Lëtzebuerg hu vill Leit eng zweet Residenz am Ausland – virun allem an Däitschland, a Frankräich an der Belscht an an Holland. Et ass denken ech kloer, datt een sech als Proprietär och vun Zäit zu Zäit ëm säi Besetz këmmere muss, d.h., et muss ee seng Immobilie a Stand halen. Wann déi betraffe Persounen an deem Fall mussen an d'Ausland fueren, kommen se jo an der Reegel och net a Kontakt mat anere Leit.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Ginn et am aktuellen Noutstandsgesetz och Dispositiounen, déi deen uewe beschriwwene Fall betreffen?
2. Wa jo, wéi gesinn déi gesetzlech Dispositiounen aus, wa Leit sech mussen an d'Ausland beweegen, fir sech ëm hiren Immobiliëbesetz ze këmmere?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten